n° 4081

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2021

REÇU
Par Alff Christian , 08:27, 15/04/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Am Enseignement – souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire – feelt et weiderhin u genuch Léierpersonal. Aus deem Grond gëtt am Fondamental, well net genuch „brevetéiert" Léierinnen a Schoulmeeschteren do sinn, op déi sougenannte „Quereinsteiger" (Détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental) zréckgegraff. Am Secondaire ginn aus deem selwechte Grond „Chargés d'enseignement à durée indéterminée" agestallt, a vill Enseignanten halen iwwer hir eigentlech Tâche eraus Iwwerstonnen.

Virum Hannergrond vun der akuter Penurie u Léierpersonal wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

**Am Enseignement fondamental:**

1. Wéi gesäit laut dem établéierte Fënnef-Jores-Plang de Besoin un Enseignanten fir déi kommend Joren aus?
2. Wéi vill Enseignante gi fir d'Schouljoer 2021/2022 gebraucht?
3. Wéi vill Schoulmeeschteren a Léierinnen ginn dëst Joer respektiv am Laf vum nächste Schouljoer an d'Pensioun?
4. Wéi vill „Détenteurs d'un bachelor en relation avec un des objectifs de l'enseignement fondamental" (Quereinsteiger) wäerten dëst Joer fir d'Rentrée 2021/2022 agestallt ginn ?
5. Wéi vill Enseignante sinn an der Grondschoul agestallt ginn fir d'Schouljoren 2018/2019, 2019/2020 respektiv 2020 /2021, opgeschlësselt no brevetéierten Enseignanten a „Quereinsteiger"?

**Am Enseignement secondaire :**

6. Wéi vill Enseignante gëtt et aktuell am Secondaire, am Ganzen an opgedeelt no Fächer?
7. Wéi gesi laut de Berechnunge vum permanente Comité vun Experten d'Prévisiounen a puncto Enseignantsbedarf fir déi kommend Joren aus?
8. Wéi eng Fächer si besonnesch staark vum „Lehrermangel" betraff?
9. Wéi vill Enseignante ginn dëst Joer an d'Pensioun? Wéi vill a wéi enge Fächer?
10. A wéi enge Fächer ginn déi meescht Iwwerstonne gehalen? Wéi vill sinn dat der am Ganzen, pro Fach a pro Enseignant?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

CSV-Fraktiounspresidentin

N° 4081
Reçue le 18.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 17 mai 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 4081 de Madame la Députée Martine Hansen**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Députée Martine Hansen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4081 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1)**

Wéi am Artikel 6 vum *Règlement grand-ducal modifié du 6 octobre 2009 déterminant la composition et le fonctionnement de la Commission d'experts prévue par l'article 29 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* festgehalen, ass et un enger Kommissioun vun Experten, de Fënnefjoresplang  ze erstellen, deen de Besoin u Léierpersonal fir déi kommend Schouljore berechent.

Am Kader vun dëser komplexer Planifikatioun sinn eng Panoplie un Elementer ze berücksichtegen, déi am Artikel 30 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* opgezielt ginn. Bei der Elaboratioun vum Fënnefjoresplang ginn natierlech och déi Donnéeë mat abezunn, déi aktuell vun de Gemenge wärend der Elaboratioun vun der Schoulorganisatioun, wéi an de legalen Dispositioune virgesinn, an der informatescher Datebank vu mengem Ministère saiséiert ginn. Iwwert dëse Wee soll séchergestallt ginn, datt kuerzfristeg Entwécklungen, notamment a puncto Ufroe vun zusätzleche Ressourcen duerch d'Gemengen an d'Organisatioun vun de Remplacementer, am Fënnefjoresplang mat consideréiert ginn. Bedéngt doduerch, datt och déi aktuellsten Donnéeë mat an de Fënnefjoresplang afléissen, läit déi neiste Versioun vun dësem Rapport nach net an hirer finaler Versioun vir.

**Ad 2)**

Déi am Ad 1 genannte Kommissioun vun Experte kënnt Mëtt Mee op en Neits zesummen a wäert am Uschloss dem Regierungsrot eng Unzuel vun Enseignanten, déi fir dat kommend Schouljoer gebraucht ginn, proposéieren. Aus dësem Grond kann zu dësem Zäitpunkt keng final Unzuel genannt ginn.

Baséierend op de leschten zwee Joer, fir déi jeeweils ronn 300 nei Enseignantë recrutéiert goufen, an op de Berechnunge vu menge Servicer fir d'Experten aus der Kommissioun, belafen sech déi aktuell Previsioune vu gebrauchte Vollzäitposte fir d'Schouljoer 2021/2022 erëm op ongeféier 300.

**Ad 3)**

Am Laf vun dësem Schouljoer 2020/2021 wäerten insgesamt 48 Enseignanten an d'Pensioun goen. D'Demandes de mise à la retraite ënnerleien engem Delai vu 6 Méint. Vu datt dës Date limite fir d'Schouljoer 2021/2022 nach net erreecht ginn ass, kann an dësem Zesummenhang nëmmen eng Previsioun gemaach gi par rapport zur Unzuel un Enseignanten, déi am Laf vum nächste Schouljoer an d'Pensioun wäerte goen. Zum aktuellen Zäitpunkt a bis de Mount November 2021 nach mat hunn am Ganze 50 Enseignanten hir Pensioun ugefrot. D'Erfarungen aus de leschte Joren hu gewisen, datt d'Unzuel un Enseignanten, déi hir Pensioun fir no November ufroen, relativ kleng ass.

**Ad 4)**

Den Artikel 19*bis* vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* gesäit vir, datt de Rekrutement vun de Kandidaten mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, just ka lancéiert ginn am Fall, wou d'Unzuel vun de Kandidate mat engem Bachelor en sciences de l'éducation, déi an de Concours, deen den Accès an d'Funktioun vum Instituteur-stagiaire reegelt, ageschriwwe sinn, méi niddereg ass wéi d'Unzuel vun den ausgeschriwwene Posten.

Vu datt d'Inscriptiounen an de genannte Concours zum aktuellen Zäitpunkt nach net clôturéiert sinn, léisst sech déi genee Unzuel u Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, déi dëst Joer wäerte rekrutéiert ginn, nach net genee berechnen. Allerdéngs wäert an den nächsten Deeg en Appel lancéiert gi fir Kandidaten mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, ze recrutéieren. Déi genee Unzuel ergëtt sech awer, wéi uewe beschriwwen, eréischt, wann d'Aschreiwungen an de Concours ofgeschloss sinn.

**Ad 5)**

Fir d'Joren 2018/19; 2019/20 an 2020/21 gouf follgend Unzuel vun Enseignantë recrutéiert:

| | 2018/2019 | 2019/2020 | 2020/2021 |
|---|---|---|---|
| *Brevetéiert Enseignanten* | 222 | 137 | 113 |
| *Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet* | 230 (83*) | 184 (33*) | 207 (34*) |

* Unzuel u brevetéierten Enseignanten

Bei der Interpretatioun vun dësen Zuelen ass ze beuechten, datt ënnert de Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat engem vun den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, och brevetéiert Enseignantë sinn, déi net um Concours, deen den Accès an d'Funktioun vum Instituteur-stagiaire reegelt, deelhuele konnten oder sech am Kader vun dësem Concours net en rang utile klasséiert hunn.

**Ad 6)**

Am Mount Mäerz 2021 waren, ouni d'Direktiounsposten an ouni Intervenants externes, 5.176 Enseignanten am Enseignement secondaire beschäftegt. Dorënner sinn 102 Leit mat engem CDD, déi temporaire Remplacementer vu genannten Enseignantë maachen.

| **A1** | **3.927** |
|---|---|
| Agronomie - productions animales/vétérinaire | 8 |
| Agronomie - productions végétales/tech. agricoles | 11 |
| Allemand | 464 |
| Anglais | 368 |
| Architecture | 15 |
| Biologie | 248 |
| Chimie | 110 |
| Chinois | 3 |
| Cinéma / Audiovisuel | 6 |
| Communication | 22 |
| Design 3D | 6 |
| Écologie-environnement - gestion des espaces naturels | 17 |
| Écologie-environnement - gestion des forêts | 3 |
| Éducation artistique | 187 |
| Éducation musicale | 35 |
| Éducation physique | 266 |
| Espagnol | 14 |

| | |
|---|---|
| Français | 521 |
| Génie civil | 16 |
| Géographie | 102 |
| Histoire | 207 |
| Horticulture - floriculteur | 3 |
| Horticulture - maraîchage | 6 |
| Horticulture - pépiniériste-paysagiste | 7 |
| Informatique | 95 |
| Ingénieur bio-médical | 1 |
| Ingénieur en électrotechnique | 82 |
| Ingénieur en mécanique | 79 |
| Italien | 5 |
| Latin | 16 |
| Luxembourgeois | 23 |
| Mathématiques | 352 |
| Pédagogie | 32 |
| Pharmacie | 7 |
| Philosophie | 40 |
| Physique | 101 |
| Professions de santé A1/infirmier | 38 |
| Professions de santé A1/médecine générale | 4 |
| Psychologie | 33 |
| Sciences économiques et sociales | 280 |
| Sciences politiques | 12 |
| Sociologie | 11 |
| Tourisme | 3 |
| Vie et société | 68 |
| **A2** | **628** |
| Architecture des jardins et du paysage | 6 |
| Bachelier en mécanique A2 | 1 |
| Cinéma / Audiovisuel | 2 |
| Design graphique | 8 |
| Écologie-environnement - gestion des espaces naturels | 1 |
| Éducateur gradué | 19 |
| Gestion hôtelière | 2 |
| Horticulture - maraîchage | 1 |
| Informatique | 1 |
| Instituteur de l'enseignement préparatoire | 473 |
| Instituteur d'économie familiale | 2 |
| Nutrition - éducation à la santé | 1 |
| Professions de santé A2/ATM radiologie | 1 |
| Professions de santé A2/infirmier | 55 |
| Professions de santé A2/sage-femme | 6 |
| Secrétariat | 49 |
| **B1** | **297** |
| Boucher | 3 |
| Boulanger/Pâtissier | 13 |
| Carreleur | 1 |
| Charpentier | 1 |

| | |
|---|---|
| Coiffeur | 16 |
| Couturier | 5 |
| Couvreur | 1 |
| Cuisinier-Traiteur | 27 |
| Débosseleur-peintre de véhicules automoteurs | 11 |
| Electricien | 32 |
| Electronicien | 25 |
| Entrepreneur constructions métalliques | 24 |
| Entrepreneur de construction | 7 |
| Esthéticien | 1 |
| Fleuriste | 4 |
| Gestion des forêts | 1 |
| Installateur - chauffage sanitaire | 7 |
| Instructeur de la conduite automobile | 1 |
| Maraîcher | 3 |
| Mécanicien en mécanique générale | 29 |
| Mécatronicien agri-genie-civil | 2 |
| Mécatronicien d'autos et de motos | 22 |
| Menuisier-ébéniste | 24 |
| Opticien | 1 |
| Parqueteur | 1 |
| Peintre-décorateur | 10 |
| Pépiniériste-paysagiste | 4 |
| Photographe | 4 |
| Prothésiste dentaire | 1 |
| Relieur | 5 |
| Serveur-Restaurateur | 11 |
| **A1, A2, B1** | **324** |
| Classes internationales et européennes | 272 |
| Non défini | 52 |
| **Total** | **5.176** |

**Ad 7)**

D'Berechnungen aus dem Rapport de planification 2020 fannen sech am Tableau hei drënner. Dës Zuele wäerten am Rapport 2021 iwwerschafft an ugepasst ginn.

| Besoins actuels | 2020/21 | 2021/22 | 2022/23 | 2023/24 | 2024/25 |
|---|---|---|---|---|---|
| *Réduction des leçons supplémentaires (374 postes d'ici 2024/25)* | 75 | 75 | 75 | 75 | 74 |

| Besoins futurs | 2020/21 | 2021/22 | 2022/23 | 2023/24 | 2024/25 |
|---|---|---|---|---|---|
| *Évolution de la démographie scolaire (350 postes)* | 70 | 70 | 70 | 70 | 70 |
| *Départs à la retraite* | 114 | 106 | 95 | 104 | 114 |
| *Autres départs* | 30 | 30 | 30 | 30 | 30 |
| *Congés pour mi-temps* | 15 | 15 | 15 | 15 | 15 |

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| *serv. à temps partiel* | | | | | |
| *Congé sans traitement* | 25 | 25 | 25 | 25 | 25 |
| *Réformes scolaires et développement de l'offre* | 20 | 20 | 20 | 20 | 20 |
| *Écoles européennes, anglophones et internationales agréées* | 70 | 70 | 70 | 70 | 70 |
| *Formateur d'adultes* | 6 | 6 | 6 | 6 | 6 |
| *BTS* | 3 | 3 | 3 | 3 | 3 |
| *Réalisation du travail de candidature* | 26 | 22 | 25 | 4 | 0 |
| *Préparatoire* | 20 | 20 | 20 | 20 | 20 |

| **Recrutement total** | **2020/21** | **2021/22** | **2022/23** | **2023/24** | **2024/25** |
|---|---|---|---|---|---|
| | 474 | 462 | 454 | 442 | 447 |
| *dont renforcement (NC de l'État)* | 290 | 286 | 289 | 268 | 263 |

**Ad 8)**

Besonnesch betraff sinn déi Spezialitéiten, an deenen déi meeschten Iwwerstonne geleescht ginn; dës ginn aus der Äntwert op d'Fro 10 ervir.

**Ad 9)**

Bis elo si 75 Demanden agaang, fir am Joer 2021 an d'Pensioun ze goen. Vu datt déi Demarchë 6 Méint am Viraus musse gemaach ginn, ass ze erwaarden, datt nach e puer Demandë wäerten nokommen.

| | |
|---|---|
| Agronomie - productions animales/vétérinaire | 1 |
| Allemand | 6 |
| Anglais | 3 |
| Architecture | 1 |
| Biologie | 5 |
| Boulanger/Pâtissier | 1 |
| Couvreur | 1 |
| Cuisinier-Traiteur | 2 |
| Éducation artistique | 2 |
| Éducation musicale | 1 |
| Éducation physique | 6 |
| Éducateur gradué | 2 |
| Ingénieur en électrotechnique | 4 |
| Electricien | 1 |
| Français | 5 |
| Génie civil | 2 |
| Histoire | 3 |
| Professions de santé A1/infirmier | 1 |
| Professions de santé A2/infirmier | 2 |
| Informatique | 1 |
| Luxembourgeois | 1 |

| | |
|---|---|
| Entrepreneur de construction | 1 |
| Ingénieur en mécanique | 2 |
| Mécanicien en mécanique générale | 2 |
| Entrepreneur constructions métalliques | 2 |
| Non défini | 2 |
| Pédagogie | 2 |
| Physique | 3 |
| Institueur de l'enseignement préparatoire | 2 |
| Psychologie | 1 |
| Sciences économiques et sociales | 3 |
| Secrétariat | 2 |
| Tourisme | 1 |
| Vie et société | 1 |
| Total | 75 |

**Ad 10)**

Iwwerstonnen/Spezialitéit an (Iwwerstonnen/Spezialitéit)/Enseignant:

| | Total | Par enseignant |
|---|---|---|
| **A1** | | |
| Agronomie - productions animales/vétérinaire | 14,775 | 1,85 |
| Agronomie - productions végétales/techn. agricoles | 50,545 | 4,6 |
| Allemand | 685,364 | 1,48 |
| Anglais | 549,328 | 1,49 |
| Architecture | 24,678 | 1,65 |
| Biologie | 326,13 | 1,32 |
| Chimie | 218,759 | 1,99 |
| Chinois | 13,15 | 4,38 |
| Cinéma / Audiovisuel | 0 | 0 |
| Communication | 61,736 | 2,81 |
| Design 3D | 6,359 | 1,06 |
| Écologie-environnement - gestion des espaces naturels | 72,842 | 4,28 |
| Écologie-environnement - gestion des forêts | 16,881 | 5,63 |
| Éducation artistique | 312,399 | 1,67 |
| Éducation musicale | 71,634 | 2,05 |
| Éducation physique | 405,973 | 1,53 |
| Espagnol | 24,764 | 1,77 |
| Français | 858,982 | 1,65 |
| Génie civil | 22,252 | 1,39 |
| Géographie | 183,975 | 1,8 |
| Histoire | 280,688 | 1,36 |
| Horticulture - floriculteur | 11,05 | 3,68 |
| Horticulture - maraîchage | 48,58 | 8,1 |
| Horticulture - pépiniériste-paysagiste | 10,35 | 1,48 |
| Informatique | 272,416 | 2,87 |

| | | |
|---|---|---|
| Ingénieur bio-médical | 9,304 | 9,3 |
| Ingénieur en électrotechnique | 263,568 | 3,21 |
| Ingénieur en mécanique | 205,369 | 2,6 |
| Italien | 8,732 | 1,75 |
| Latin | 19,625 | 1,23 |
| Luxembourgeois | 30,537 | 1,33 |
| Mathématiques | 873,834 | 2,48 |
| Pédagogie | 27,231 | 0,85 |
| Pharmacie | 0 | 0 |
| Philosophie | 83,48 | 2,09 |
| Physique | 213,877 | 2,12 |
| Professions de santé A1/infirmier | 69,571 | 1,83 |
| Professions de santé A1/médecine générale | 12,866 | 3,22 |
| Psychologie | 51,955 | 1,57 |
| Sciences économiques et sociales | 571,783 | 2,04 |
| Sciences politiques | 19,912 | 1,66 |
| Sociologie | 13,981 | 1,27 |
| Tourisme | 16,197 | 5,4 |
| Vie et société | 49,402 | 0,73 |
| **A1, A2, B1** | | |
| Classes internationales et européennes | 368,367 | 1,35 |
| Non défini | 13,59 | 0,26 |
| **A2** | | |
| Architecture des jardins et du paysage | 7,702 | 1,28 |
| Bachelier en mécanique A2 | 6,021 | 6,02 |
| Cinéma / Audiovisuel | 4,28 | 2,14 |
| Design graphique | 37,965 | 4,75 |
| Écologie-environnement - gestion des espaces naturels | 4,55 | 4,55 |
| Éducateur gradué | 15,308 | 0,81 |
| Gestion hôtelière | 10,639 | 5,32 |
| Horticulture - maraîchage | 4,7 | 4,7 |
| Informatique | 2,211 | 2,21 |
| Instituteur de l'enseignement préparatoire | 940,714 | 1,99 |
| Instituteur d'économie familiale | 5,167 | 2,58 |
| Nutrition - éducation à la santé | 2,195 | 2,2 |
| Professions de santé A2/ATM radiologie | 0 | 0 |
| Professions de santé A2/infirmier | 58,612 | 1,07 |
| Professions de santé A2/sage-femme | 4,763 | 0,79 |
| Secrétariat | 107,901 | 2,2 |
| **B1** | | |
| Boucher | 19,533 | 6,51 |
| Boulanger/Pâtissier | 76,498 | 5,88 |
| Carreleur | 10,964 | 10,96 |
| Charpentier | 0 | 0 |
| Coiffeur | 7,108 | 0,44 |
| Couturier | 11,212 | 2,24 |
| Couvreur | 13,999 | 14 |

| | | |
|---|---|---|
| Cuisinier-Traiteur | 146,26 | 5,42 |
| Débosseleur-peintre de véhicules automoteurs | 66,199 | 6,02 |
| Electricien | 129,329 | 4,04 |
| Electronicien | 91,22 | 3,65 |
| Entrepreneur constructions métalliques | 82,68 | 3,45 |
| Entrepreneur de construction | 26,081 | 3,73 |
| Esthéticien | 14,899 | 14,9 |
| Fleuriste | 30,423 | 7,61 |
| Gestion des forêts | 0 | 0 |
| Installateur - chauffage sanitaire | 28,834 | 4,12 |
| Instructeur de la conduite automobile | 0 | 0 |
| Maraîcher | 25,339 | 8,45 |
| Mécanicien en mécanique générale | 91,097 | 3,14 |
| Mécatronicien agri-genie-civil | 6,502 | 3,25 |
| Mécatronicien d'autos et de motos | 77,307 | 3,51 |
| Menuisier-ébéniste | 71,986 | 3 |
| Opticien | 5,7 | 5,7 |
| Parqueteur | 0 | 0 |
| Peintre-décorateur | 38,836 | 3,88 |
| Pépiniériste-paysagiste | 5,7 | 1,43 |
| Photographe | 0,467 | 0,12 |
| Prothésiste dentaire | 0 | 0 |
| Relieur | 9,78 | 1,96 |
| Serveur-Restaurateur | 64,362 | 5,85 |
| **Total** | **9.831,834** | |